N°2795
Entrée le 20.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.08.2025
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler

Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. August 2025

Här Präsident,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un de Sportsminister weiderzeleeden.

Rezent ass op enger sozialer Plattform eng Diskussioun ronderëm d'Roll vun de Schwammmeeschtere wärend de Schwammcoursen an der Schoul opkomm. Ausléiser war en Tageblatt-Artikel mam Titel „Land der Nichtschwimmer? Alle Altersklassen betroffen: Viele können in Luxemburg nicht mehr richtig schwimmen", dee vill Opmierksamkeet erreegt huet. D'Fro, ob de Schwammunterrecht an der Schoul just vun Enseignanten oder och vu Schwammmeeschteren (d. h. Persoune mat engem DAP als Instructeur de natation) gehale soll ginn, gouf ganz kontrovers diskutéiert.

An deem Kontext wéilt ech de Ministere follgend Froe stellen:

- Wéi eng Pläng huet d'Regierung, fir de Kompetenzniveau am Schwammen an der breeder Bevëlkerung nees ze verbesseren?
- Wéi begéint d'Regierung där am Tageblatt beschriwwener Erausfuerderung, dass zu Lëtzebuerg och ëmmer méi Erwuessener liewen, déi net richteg schwamme geléiert hunn, an dat Wëssen dofir net un hier Kanner kënne weiderginn?

  A wéi enger Roll gesäit d'Regierung an deem Kontext déi diploméiert Schwammmeeschteren?
- Ass d'Regierung der Usicht, dass d'Kanner wärend de Schwammcoursen an der Schoul och an Zukunft just vun Enseignanten an net vu Schwammmeeschtere sollen enseignéiert ginn?

  Fall jo, aus wéi enge Grënn?

  Falls nee, wéi sollen d'Schwammmeeschteren zukünfteg méi enk an d'Vermëttlung vun de Schwamm-Kompetenzen an der Schoul agebonne ginn?

Mat déiwem Respekt,

Georges Engel
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2795 vum honorabelen Deputéierte Georges Engel**

1. **Wéi eng Pläng huet d'Regierung, fir de Kompetenzniveau am Schwammen an der breeder Bevëlkerung nees ze verbesseren?**
2. **Wéi begéint d'Regierung där am Tageblatt beschriwwener Erausfuerderung, dass zu Lëtzebuerg och ëmmer méi Erwuessener liewen, déi net richteg schwamme geléiert hunn, an dat Wëssen dofir net un hier Kanner kënne weiderginn? A wéi enger Roll gesäit d'Regierung an deem Kontext déi diploméiert Schwammmeeschteren?**

   De Sportsministère wäert sech mat der Schwammfederatioun austauschen, fir zesummen ze kucken, wéi een der opgeworfener Problematik kann entgéintwierken, an, falls néideg, och aner impliziéiert Acteure mat un den Dësch ze huelen.

3. **Ass d'Regierung der Usicht, dass d'Kanner wärend de Schwammcoursen an der Schoul och an Zukunft just vun Enseignanten an net vu Schwammmeeschtere sollen enseignéiert ginn? Falls jo, aus wéi enge Grënn? Falls nee, wéi sollen d'Schwammmeeschteren zukünfteg méi enk an d'Vermëttlung vun de Schwamm-Kompetenzen an der Schoul agebonne ginn?**

   D'Ofhale vum Schwammcours am Enseignement fondamental (EF) an am Enseignement secondaire (ES) ass am Plan d'études vum EF an an de Programmer vum ES beschriwwen. Fir sämtlech Enseignantë besteet d'Méiglechkeet, u Weiderbildungen deelzehuelen, déi si op déi Erausfuerderunge virbereeden, déi sech bei der Organisatioun an Duerchféierung vum Sport- a Schwammunterrecht stelle kënnen.

   Et besteet elo schonn d'Méiglechkeet, fir méi Schwammmeeschteren an der Schwämm ze engagéieren, an esou d'Enseignantë beim Developpement vun de Kompetenze vun de Kanner, déi nach net schwamme kënnen, ze ënnerstëtzen. Dëst kann op Initiativ vun de Gemengen oder vun de Lycéeë geschéien. Am éischte Fall bedeelegt de Staat sech un de Fraisen, déi duerch zousätzlecht Personal an der Schwämm entstinn.

Lëtzebuerg, den 23. September 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH